

PL 6455 Coopération administrative en matière fiscale

Rapporteur – Gilles Roth

Haerr President,

Dir Dammen an Dir Haerren,

Bei dem Gesetzesprojet 6455 geht ët em déi géigesäiteg Amtshëllef tëschend europäischen Memberstaaten bei dem Feststellen vun der Steierschold.

Dës sougenannten Coopération administrative am Steierberäich gëtt et europawäit schons zanter enger Direktiv vun 1977, also méi ewéi 35 Joër.

Déi grenziwwerschreidend Zesummenarbecht tëschend de Steierverwaltungen gëtt elo verbessert.

Basis ass eng nei europäisch Direktiv aus dem Joër 2011. Mir setzen se haut op nationalem Plang em.

Et geht virun allem drëms d'Steierhannerzëiung ze bekaempfen.

Dofir gëtt den Informatiounsaustausch tëschend de Steierverwaltungen vun den einzelnen Memberstaaten ausgeweit.

Haerr President,

Wat sinn déi wichtegst Elementer vun der Direktiv?

Eischtens. *Wat fir eng Steieren falen dann ënnert dëst Gesetz ?*

Mee all Steieren, Taxen déi esouwuel vum Staat oder vun den Gemengen erhuewen ginn. Dat geht vun der klassischer Akommessteuer am wäitesten Sënn-also och Loyersen, Plus-valusen, iwwert d'Betriibssteuer, d'Ierfschaftssteuer, d'Verméigenssteuer bis zur Grondsteuer.

Ausgeschloss sinn TVA, d'Akzisen, d'Sozialbeitraeg an och d'Zënsbesteierung. Hei spillen naemlech eegen Rechtsinstrumenter.

Zweetens. *Wéi soll dat dann an der Praxis oflafen ?*

D'Regel ass déi vun engem sougenannten échange d'informations sur demande. Dat heescht een Informatiounsaustausch op Ufro. Zum Beispill d'Steierverwaltung zu Bréissel kann bei der lëtzebuerger Steierverwaltung all Zort Informatiounen nofroen déi fir si an engem Steierdossier néideg sinn. Eis

Verwaltung muss dann am Prinzip spéidstens no 6 Méint dës Informatiounen liwweren.

Drëttens. *Kann eng auslaennesch Steierverwaltung Informatiounen froen op een Steierpflichtigen Suen hei zu Lëtzebuerg stoen huet ?*

Jo, wann eng Steierschold zu Tréier ufaellt, dann kann dat däitscht Finanzamt eis Steierverwaltung froen op den Steierpflichtigen Steierzueler hei een Bankkont huet.

D'Bankgeheimnis kann net als Ursach geholl ginn fir der Informatiounspflicht nët no ze kommen.

Dat ass eng wesentlech Neierung.

D'Bankgeheimnis spillt um Niveau vun dem Informatiounsaustausch téschend lëtzebüergeschen an auslaenneschen Steierverwaltungen nët méi.

Fréier ass d'Bankgeheimnis just opgehuewen ginn wann een Steierbedrug virrouch.

Dann ass deen Informatiounsaustausch iwwert eis Richter am Kontext vun enger sougenannter Entraide judiciaire gelaf.

Elo gëtt d'Bankgeheimnis och bei der administrative Amtshëllef opgehuewen.

Mee opgepasst.

Voraussetzung, ass, dass déi auslaennesch Steierverwaltung iert se Informatiounen zu Lëtzebuerg freet, bei sech virdrun all Diligencen gemach huet.

An der Direktiv heescht et hei dass eng Ufro kann gestallt ginn -fir *informations vraisemblablement pertinentes*- ze kréien.

Dat heescht och, dass d'Ufro aus dem Ausland muss wierklech begrënnt an berechtigt sinn.

Et geht och demno nët fir sougenannt *fishing expeditions* ze machen, dat heescht et geht nët fir een méiglechst breed Netz auszewerfen an der Hoffnung datt um Enn deen een oder anerën Fësch dann awer dran haenken bleiwt.

Véiertens. *Wat ass den Impakt vun der Direktiv op Steierpflichtiger déi hei am Land wunnen?*

Do bleiwt un sech alles beim alen.

D'Bankgeheimnis bleiwt weiderhin duerch den Paragraph 178bis vun der Abgabenordnung geregelt an deen seet: « *Aucun renseignement aux fins de l'imposition du contribuable ne peut être demandé aux établissements de crédit ...* »

Konkret heescht dat, dass fir d'Feststellen vun der Steierschuld d'Steierverwaltung keng Informatiounen géintwuer Leit déi zu Lëtzebuerg wunnen bei enger Bank kann froen.

Dat kann d'Steierverwaltung iwwregens och nët bei engem Paschtouer, well do seet den § 178 AO *Ein Geistlicher darf nicht über solche Tatsachen befragt werden... ohne die Pflicht der Verschwiegenheit, die ihm als Seelsorger obliegt, zu verletzen.*

Anescht ass ët natierlech bei Strofdoten wou d'Bankgeheimnis selbstverstaendlech nët spillt. (*éventuellement loi 31 mars 2010*)

Fënneftens. *Gëtt ët niewent dem Informatiounsaustausch op Ufro och nach aner d'Zorten vun Informatiounsaustausch?*

Jo- an zwar den sougenannten *Echange d'informations spontané.*

Hei geht ët –wéi d'Wuert et seht- em een spontanen Informatiounsaustausch tëschend Steierverwaltungen.

Zum Beispill an engem Dossier vun engem multinationalen Grupp, wou zu Lëtzebuerg gréisser Steierofschreiwungen gemach ginn déi am Ausland awer zu fiskalen Méibelaschtungen féieren kënnen.

Hei kann eis Steierverwaltung dann op eegen Initiativ- dat heescht ouni Ufro- dës Informatiounen un hir auslaennesch Kollegen weiderleeden.

De Sënn ass eng gerecht Besteuerung vun dem Grupp.

An dann gëtt et niewent dem *échange sur demande*, dem *échange spontané*, och nach deen faméisen automateschen Informatiounsaustausch.

Dësen ass an der Direktiv virgesinn.

D'Laenner hun awer Zäit bis den 1ten Januar 2015 fir en emzesetzen.

Am Gesetzesprojet gëtt den automateschen Informatiounsaustausch duerfir nët agefouert. Dat mussen mir spéider machen.

Mee mir hun awer dofir keng 2 Joër Rouh. D'Direktiv gesäit naemlech eng sougenannten *clause de la nation la plus favorisée* vir.

Konkret heescht dat, wann eist Land géif virun 2015 mat engem Drëttland een bilateralen Steueraccord ofschléissen deen méi favorable wier-also um Niveau vun dem Informatiounsaustausch méi wäit goen –dann applizéieren dës Regeln sech automatesch och am Kontext vun dem Informatiounsaustausch mat deen aneren europäischen Memberstaaten.

An do kéinten mir nawell schweesesch Fangeren kréien.

Et geht hei speziell ëm déi sougenannten FACTA-accorden mat den USA, wou den Finanzminister Luc Frieden de Moment an schwierigen Verhandlungen ass.

Sollt sech doraus een automateschen Informatiounsaustausch tëschen Lëtzebuerg an den USA, ënnert enger Form oder aner erginn, dann ass nët auszeschléissen dass dës Regeln vun engem automateschen Informatiounsaustausch och mat aneren EU Memberstaaten missten ugewandt ginn.

Wéi gesot, dat ass formell nët Géigegestand vun dësem Gesetzesprojet-mee ët sinn méiglech Konsequenzen op déi een vollstaendeckheetshalber awer haut soll, jo muss drops hiweisen.

Séchstens . *Kënnen dann och grenziwwerschreidend Steuerbescheider zougestallt ginn ?*

Jo, dat as mat der neier Direktiv an mat dem neien Gesetz méiglech.

Et gëtt et och elo schons op Basis vun verschiddenen Duebelbesteierungsofkommes.

Esou kann zum Beispill déi lëtzebuenger Steierverwaltung direkt op Bitburg een Steuerbescheid schécken deen och do seng Rechtsgültegheet an vollem Empfang huet.

Dat selwëscht zielt natierlech fir een Steuerbescheid deen zum Beispill vum däitschen Fiskus op Lëtzebuerg kann direkt geschéckt ginn.

D'Direktiv an d'Gesetz erlaben och dass auslaennesch Steuerbeamten hei zu Lëtzebuerg bei administrativen Enqueten matzeschaffen.

Dëst setzt awer een bilateralen Accord tëschen denen zwee Memberstaaten viraus.

Also, ouni Accord vun dem lëtzebuerger Staat kann hei zu Lëtzebuerg keen auslaenneschen Steuerbeamten an engem Steierdossier eegemaechteg operéieren.

Siwwentens. *Wat fir eng Verwaltungen sinn dann fir dës Amtshëllef zoustänneg ?*

Formell läit d'Kompetenz vun der Verbindungsautoritéit am Kontext vun der Direktiv dem Finanzminister. Deen delegéiert awer iwwert de Gesetzesprojet dës Kompetenz un den Enregistrement, d'Douane an déi direkt Steierverwaltung fir déi jeweileg Steuerarten déi ënnert hir Kompetenz falen.

Well meschtens déi direkt d'Steieren betraff sinn, kënnert der direkter Steierverwaltung déi Haptroll zou. D'TVA an d'Akzisen falen wéi ufanks gesot bekanntlech nët ënnert dësen Gesetzesprojet.

Haerr President,

Souwäit zu den inhaltlechen Bestëmmungen vun dësem Gesetzesprojet. Ech brauch wuel nët ze soen, dass mir eis hei an engem fir d'Finanzplaz sensibelen Domän bewegen.

Wéi déi éischt Direktiv am Beräich vun der administrativer Kooperatioun tëschen de Steierverwaltungen am Februar 1979 ënnert der demoleger blouder Regierung hei am Land emgesat gouf, -an déi ass wäit manner gangen wéi d'Direktiv vun 2011 -war keng Eestëmmegkeet an der Chamber.

Et gouf besonnesch em den Impakt vun dëser Direktiv op d'Bankgeheimnis gefart.

Dat war demols een Haaptpillier vun eiser nach jonker Finanzplaz.

Den Haerr Werner -huet als Oppositionsspriecher- notamment eng ganz Reih rechtlech Grënn ugefouert gehat firwat sech demols d'CSV enthalen huet.

Den Deputéierten Aloyse Bisdorff huet dorops festgehal- *„Ech hun nach nie erlieft dass d'CSV sech enthält bei engem Gesetzesprojet deen op enger Direktiv vun der EWG berout. D'liberal Partei esou den kommunisteschen Deputéierten weider "huet iwwerhaupt keng Stellung derzou geholl. Mir gesinn doran eng bestëmmt Schwankung, e bestëmmten Malaise ... een Widdersproch deen doran besteet, dass eis Regierung, däer hir Finanzen jhust op der Finanzplaz Lëtzebuerg opgebaut sin, mat hirem wëllen Intégratiounsbestriewen an Vereenhetlechung vum europäeschen Finanzwiesen, grad an der Richtung leeft vun engem Ennergruewen vun der Finanzplaz Lëtzebuerg.“*

Mee d'Zäiten hun sech zanter hier geennert.

Un sech eng gudd Saach.

D'Direktiv 2011 schreiwet sech an d'Staerkung vun dem EU-Binnenmaart an. E Plus un Steiergerechtegkeet : deen, dee Steieren ze bezuelen huet, soll dat och mussen machen.

An Zäiten vun Kriis an Staatsverscholdung, muss och aus all Eck d'Steierscholden festgestallt ginn, déi dem jeweiligen Staat zoustinn.

Suen déi op engem auslaenneschen Kont hier Rouh sichen machen do keng Ausnahm.

Den politeschen Ursprung vun dëser Direktiv läit dann och op dem G20 Sommet zu London vun 2009 –deen eisem Land nawell muench Kappzerbrieches gemach hat.

Déi sougenannten Grouss, haten de Steierparadäiser den Krich erklart, an dobäi d'OCDE esou ze soen iwwer Nuecht gezwongen, eist Land op eng verruffen groh Lëscht ze setzen: vun denen nët obedingt Kooperatiounswëllegen.

Mee well mir eisen gudden Ruff vun enger zolider an seriöer Finanz-an Bankeplaz nët wollten op d'Spill setzen, hun mir an Rekordtempo an eng 20 Duebelbesteierungsofkommes een Passus dran gesat, dass am Fall vun engem Verdacht op Steierhannerzéihung dat Land, wou de Steierzueler seng Suen higedoen huet, derzou ugehalen ass, all méiglech Informatiounen iwwert dee betreffene Bankeclient erauszeréckelen.

Dat hun mir demols wuel ënnert engem gewëssen politeschen Drock gemach.

Dësen Gesetzesprojet schreiwet sech an deen politeschen Kontext an.

Dat Gesetz wat mir elo stëmmen huet sécher een Impakt op verschidden Klienten op der Finanzplaz besonnesch am Private banking.

Den Projet de loi bedeit awer elo nët d'Enn vun eiser Finanzplaz, an och nët d'Enn vun dem Privatbankengeschaeft.

D'Finanzplaz huet d'Zeechen vun der Zäit erkannt. D'Bankgeheimnis spillt weiderhinn eng wichteg Roll um Niveau vun dem Schutz vun der Privatsphär.

D'Aktivitéiten vun der Finanzplaz haenken awer nët méi ausschliesslech vun dem Bankgeheimnis of.

D'Finanzplaz vun haut sicht virun allem gudd Klienten déi hiert Verméigen mat Kompetenz an Vertraulechkeet wëllen geréiert kréien an dat mat daer néideger Transparenz géintiwuer den Steierautoritéiten aus den Heemechtslaenner.

Duerfir hun mir jo och virun 2 Méint den Gesetzesprojet iwwert déi sougenannt Family Officen hei gestëmmt.

Haerr President,

Dat waren kuerz illustréiert den Kontext vun dem Gesetzesprojet an déi praktesch Implikatiounen.

Ech verweisen fir den Detail op main schrëftlechen Rapport.

D'Finanzkommissioun recommandéiert jiddendalls eestëmmeg dësen Text ze stëmmen.

Ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV Fraktioun.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.